# Camp : Transport

**Wéi organiséieren ech den Transport um an op dem Camp nohalteg? Wourop kann een oppassen? Wou fannen ech déi néideg Informatiounen? A wéi kréien ech dat Ganzt an den Zäitplang?**

### Öffentlechen Transport als Programm vum Camp

Dauert et mol eng Kéier méi laang mam Öffentlechen op de Camp kann den Transport an de Programm agebaut ginn. Op deene Plaze, wou ëmgeklomm muss ginn, kann een eng Aktivitéit (Fotorallye duerch dat Duerf/Stad, Visitt, asw.) plangen. De Kanner an och de Chef kënnt den Transport da schonn e gutt Stéck manner laang fir. Am Bus an Zuch kann och schomol d'Campbichelchen ausgedeelt ginn (opgepasst hei op Kanner mat Reesiwwelkeet) oder soss op de Camp agestëmmt ginn.

### Organisatioun vum öffentlechen Transport

D'ganz Stréck plangen mat allen Zich/Buss-Zäiten, den Tréppelweeër dertëschend an de Waardezäiten. Dobäi ass et wichteg ze bedenken, datt als Grupp a mat Kanner ëmmer alles e bësse méi laang dauert an fir d'Ëmklammen besser méi Zäit agerechent gëtt. Op www.mobilitéit.lu fënnt een (bal) alles wat ee brauch; hei kann een och uruffen wann ee speziell froen huet.

Tipp: Heinsdo kann en Tréppelwee tëschend zwee Busarrête vun 30min de gesamten Trajet méi einfach (a manner langweileg) maachen.

Reservéire vun öffentlechen Transport zu Lëtzebuerg (ofgeklärt mat der Mobilitéitszentral):

Wann dir mam Zuch oder mat den RGTR Busser an enger grousser Grupp wëllt fueren, kënnt dir en Mail schreiwen op excursions@cfl.lu oder uruffen op 4990 3838.

Wann dir mat den Stater Bussen fuert, kënnt dir e Mail schreiwen op busgroupe@vdl.lu oder dir kënnt op dës Nummer uruffen: 4796 2975

Wann dir mat den Busser am Süden, den Tice Busser, fueren wëllt, kënnt dir e Mail schreiwen op accueil@tice.lu oder uruffen op: 57 42 32 1.

Fir weider Froen zum ëffentlechen Transport steet de Callcenter vun der Mobilitéitszentral (Tel: 2465 2465) Iech an der Woch vu 7:00 - 19:00 Auer an de Weekend vun 9:00 - 16:30 Auer zu Ärer Dispositioun.

Et ass och wichteg Bescheed ze soen, datt ee Rucksäck an aner Material dabäi huet. D'Zuch- a Busfirme kënnen sou dëss zousätzlech Plaz mat arechnen.

Brauch ee vill Material fir de Camp, kann dësst souwéi de Kanner hirt, mat enger eenzelner Camionette gefouert ginn. Dat mécht grat de Transport mat klenge Kanner vill méi einfach.

Wann een sech iwwert verschidden Meiglechkeeten, wei een am bäschten ob seng Destinatioun kënnt (firunallem Ausland) informéiren wëll, kann een den Internetsite www.rome2rio.com notzen.

### Matfuergeleeegenheeten bilden

Ass et net méiglech oder net komplett méiglech mam öffentlechen Transport op de Camp ze fueren, spuert ee vill $CO_2$-Ofgaser wann ee Matfuergeleeegenheete bilt. Dëst fonktionnéiert am beschte wann dir et am Viraus zesumme mat den Elteren organiséiert. Et kann och just en Deel vun der Streck z.B. bis op eng grouss Gare mat Matfuergeleeegenheeten organiséiert ginn, éier et da mam Zuch weidergeet. Och als Chef muss een iwwregens net ëmmer mat sengem eegenen Auto op de Camp fueren ;)

Well bei de klenge Branchen d'Elteren awer gär nach zesummen Eddi soen, maacht eng Sammelplaz aus wou all d'Kanner ukommen, a vu wou da mat eenzelen Autoen op de Camp gefuer gëtt.

### Transport op de Camp am Ausland

Fliger ass dacks dat kamouds fir e Camp, dee méi wäit ewech ass. Dacks rentéiert et sech, ökologesch an finanziell, sech Bus an Zuch unzekucken. Heifir kann een entweder iwwert eng Reesgesellschaf oder Busfirma fueren oder fir Zuchreesen bei CFL direkt ufroen.

Well ee bei Fligerreese scho vill méi fréi um Flughafe muss sinn, an deen meeschtens wäit

vum Stadzentrum ewech ass, gewënnt een dacks net vill Zäit. Ausserdem ass Reese mam eegenen Bus oder Zuch meeschtens déi manner stresseg Alternativ.

Eng weider Méiglechkeet, zumools bei den ale Branchen, ass den Transport mat eegenen Autoen oder ausgeléinten Autoen/Camionetten. D'Ökobilanz ass zwar net su gutt wéi beim Zuch a Bus, awer e gutt Stéck besser wéi beim Fliger. Dëst brengt awer vill Sécherheetsnodeeler wéi Middegkeet vun de Chaufferen zum Schluss vum Camp mat sech, déi beduecht musse ginn!

## Mobilitéit um Camp

D'Campplaz soll sou ausgewielt ginn, datt se bei de Programm an d'Iddië vum Camp passt. Esou kënne vill Trajeten, egal mat wéiengen Transportmëttel, vermiede ginn. Aktivitéiten an der Géigend fënnt een op: www.visitluxembourg.lu.

Transportméisseg déi beschten Ökobilanz huet e Campvolant mam Velo oder ze Fouss. Hei ass et wichteg, datt d'Etappen net ze laang sinn. Esou huet een um Enn vum Dag zum Beispill och nach Loscht mam Velo oder ze Fouss akafen ze fueren.

Op de grousse Campen si permanent Gefierer op der Camplaz ënnerwee. Och hei soll spuersam emgaange sinn a sou de (jonke) Chef net gewisse ginn, datt et engem egal ass. Sou kënnen heifir z.B. Elektrogefierer geholl ginn oder soulaang kee Material muss transportéiert ginn, den Velo/Mountainbike benotzt ginn.

## Besucherdag um Camp

D'Besucher solle motivéiert ginn mam öffentlechen Transport op de Camp ze kommen. Dëst muss vun Ufank un an d'Plangung an d'Reklamm fir de Besucherdag mat afléissen, just esou kann déi néideg Infrastruktur geschafe ginn.

> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu

*Camp : Transport, Editioun vum 12. September 2021*